Op enger Bänk géintiwwer enger Bank

Si sëtzt well e gudde Strapp do a knabbelt un enger Aachtchen, déi nach hallef an der Pâtisseries-Tut stécht. Si huet der méi wéi siechzeg um Bockel, mä s'ass dach awer un deem Bop intresséiert, deen sech lo op deen anere Wupp vun der Bänk gesat huet, an deen eppes an sengen Täschen ze siche schéngt. Wéi al soll dee sinn? En hätt och alt kënne froen, ob en sech nieft si op déi Bänk hei setzen dierft. Wat ramouert deen nëmmen déi ganzen Zäit an sengen Täschen?

„Hutt Der eppes verluer, Meeschter?", freet si zimlech haart.

Denn eelere Mann kuckt mol net op, mä e geheit e Bléck op déi Bank, déi aner Säit vun der Strooss. Iwwerdeems huet e fonnt, wat e gesicht huet an zitt et aus där lénkser bannenzeger Mantelstäsch.

„Sou kënnt een et och nennen", grommelt en an huet e Spuerbuch am Grapp, déi eeler Fra gesäit dat ganz däitlech. Hie bliedert am Spuerbuch e puermol hin an hier an hält et da géint d'Luucht. „Véier Milliounen hat ech hei drop", seet en, „ech war véierfache Millionär. A lo? Lo hunn ech e Spuerbuch mat Lächer dran, déi dee Plakkapp aus der Bank mer dragepëtzt huet. Lo ass et nach just gutt fir an den Uewen. An amplaz huet e mer sou eng Fatz Pabeier ginn. Hei ass se! 't steet drop, ech hätt lo honnertdausend Euroen. Wou sinn se dann?"

„Hutt Der se dann net?", freet si wéi d'Kugel aus der Flënt.

Lo bekuckt hien d'Bom riicht an d'Gesiicht, wéi wann si keng méi eng domm Fro hätt kënne stellen. „Deen huet mer keng ginn!", seet en, op en Hoer hätt e gejaut. „Ech sot och zu deem Plakkapp do: «An der Rei, mä wou sinn se dann? Leet mer se mol schéin hier op d'Téik!» Wësst Der, wat dee mer geäntwert huet? Et wieren nach keng do! 't stéing jo op mengem Zertifikat, datt ech der honnertdausend hätt, dat géing dach duer! Wat sot Der duerzou? D'Frange fort a keng Euroen do! Mat deene Klengen a Bluttaarmen konnten se dat nach ëmmer maachen!"

Lo kommen deem gläich d'Tréinen, denkt si a kontert: „Mat mir maachen se dat awer net! Ech hu meng Suen all opgehuewen an se, wéi meng Groussmamm fréier, ënnert d'Matrass an eng déck gestréckte Strëmp gestach; zwee riets, zwee lénks, ee fale gelooss; a mat enger Mattekugel derbäi. Do geet mer näischt futti, an 't geet och kee mer drun!"

De Bop hält säi Spuerbuch mat de Lächer nees géint d'Liicht a laacht béis. „Ech hale mäin Europleinairsbuch och; als Bewäis, datt ech mol véier Milliounen hat!"

Si weess net richteg, wat se dovun hale soll a fänkt eng aner Ried un. „Wëssen se da schonn, wiem säin Absebild se lo op dat neit Geld drop maachen?"

„Mir dach egal", grommelt de Pätter nees, mä da fällt him eppes bäi, wat e virun e puer Deeg um Leschte Steiwer héieren hat. Hie réckelt e Stéckelche méi no beim d'Bom. „Wësst Der, wat eisem Pier säi Poli mer d'lescht sot? Vun allen Euroe krit dee lëtzebuergeschen um Enn nach am allermeeschte Wäert!"

D'Giedel ass keng extra raffinéiert, awer och keng bléid. „Wat schwätzt Dir dann do?", eräifert se sech, „déi nei Sue kréien dach iwwerall deeselwechte Wäert! Souvill hunn ech och gelies, Meeschter!"

„Dat ass jo richteg", versicht den eeleren Här si ze zëssen, „mä eisem Pier säi Poli – eise Pier wunnt zu Bouneweg um Leschte Steiwer – eisem Pier säi Poli schwätzt do vu Sammlerwäert! Well et där Lëtzebuerger Euroe jo net sou vill géif! D'Japaner an d'Amerikaner géifen déi romp a stomp opkafen."

„Da si mir als Lëtzebuerger fir eng Kéier och mol eppes wäert", philosophéiert d'Fra, déi hir Aachtchen endlech ran huet.

„Ech wier mer do net sou sécher", äntwert hien. „Mengt Der, déi Belsch géifen eis Euroe déi Kéier wierklech wëllen?"

„'t kennt een sech souwisou net méi aus", klot si; „se maache Gedäisch mat deeenen neie Schäiner a Mënzen, an an engems féieren se sou plastiks Mënzkaarten an. Watt soll dee ganze Kaméidi dann?"

„Mënze muss et ëmmer ginn", seet hien dréchen. „Ech si vu Munneref. Mengt Der, déi Geldmaschinnen do am Munnerefer Spillcasino, déi eenaarmeg Banditen do, wéi d'Leit se nennen, mengt Der, déi géifen op eemol sabbeleg Quittonge rausspäizen, amplaz schéi rabbeleg Mënzen? Do muss et nach ëmmer schéi rabbelen, Madame!"

„Jo, mä wat gëtt dat nees fir en Emgerechens!", mengt si. „'t ass een einfach z'al fir sou eppes! Huelt d'Fransousen, mengetwegen: Déi hunn no engem hallwe Joerhonnert nach ëmmer hiren neie Frang net am Kapp; a lo mussen se sech nach eng Kéier kristillegen!"

De Mann fänkt schonn nees un an sengen Täschen ze wullen; hie fënnt awer séier wat e sicht. „'t gëtt bei äis nëmmen hallef sou schlëmm, Madame. Se hunn eis jo dës Rechemaschinnche ginn. Eisem Pier säi Poli nennt se «Euro-Tamagotschi». Ech weess och net, wat dat heescht. Mä liest mol hei drop! Geet et nach ouni Brëll? «Made in China» steet drop, verstitt Dir dat!"

Hält dee mech fir domm?, denkt si. „Aus China?", seet se. „Maachen déi chinesesch Kommuniste well dem kapitalistesche Westen seng Rechemaschinnen. Sinn déi dann och scho moralesch korrupt?"

„Och, wësst Der", schmonzt hien, „wann s'am «Wort» «d'Bild» drécken, wat solle mir äis dann do nach där Gedanke maachen. Mä wat ech fäerten, lo rënnen s'alles no uewen of! Eng Stonn Parken, en Euro; e Mini, en Euro; e Liter Bensin, en Euro ..."

„Wat?!", entgeeschtert d'Fra sech. "Ech hu wuel keen Auto, mä eist aarme Francine, da muss dat jo..."

„Gesitt Der!", laacht de Bop, „wéi séier Der lo schonn ëmrechne kënnt! A wann d'Präisser klammen, da stellen s'einfach d'Automaten ëm, an an Ärem elektronesche Mënzportmonni huelt Der dat mol net an uecht! Den elektroneschen Euro, dat ass, wat se wëlles hunn!"

De Bus fir op Munneref fiert bäi, an de Bop sicht an sengen Täschen no sengem Abonnement. Mä d'Bom huet nach eng Kéier laanscht d'Fassad vun der Bank gekuckt an huet nach séier eng Fro.

„Sot, mengt Der, se kënnten déi elektronesch Euroen och wäisswäschen?"

„Ma sécher", seet hien, ier d'Dier vum Bus zougeet, „a wann net, da maachen d'Chinesen nach e puer Restauranten op!"

De Bus mam Munnerefer Här ass fort, d'Bom bekuckt sech nach eng Kéier d'Bank, duerno hir eidel Bänk, an 't ass hir lo, wéi wann si lo och misst goen.

Josy Braun



Fotos: Guy Hoffmann